PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/01/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.

Am Kader vun enger Plainte virum Bundesfinanzhof an Däitschland huet d' Bundesfinanzministerium d'iewescht Finanzautoritéiten vun de Bundeslänner ugeschriwwe, fir matzedeelen wéi vill Kontrollen vun de Steierpréifer, pro Joer a Branche, bei sougenannten „bargeldintensiven" Entreprise gemaach ginn.

De Berliner Finanzsenator huet bei Branchekontrollen Steierhannerzéiung an méi wéi all zweetem Betrieb (50% bei Taxien, 66% bei Spillhalen, …) deen bargeldintensiv ass festgestalt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ginn et ähnlech Kontrollen wéi an Däitschland och zu Lëtzebuerg?
    1. Wa jo, wéi vill där Kontrollen ginn et pro Joer an a wéi enge Branchen?
    2. Wa jo, wéi héich ass den Taux vun de Betriber bei deenen Onreegelméissegkeete festgestallt ginn?

2. Gëtt et zu Lëtzebuerg eng Klassifikatioun no Risikobetriber oder „bargeldintensive" Betriber am Kontext vun Steierhannerzéiung oder Geldwäsch? Wa jo, wéi vill Betriber falen hei drënner?

3. Donnéeën vun der OFD Oldenburg no, ass Lëtzebuerg ënner 35 Länner e schlechte Schüler wat d'Kontroll vu „bargeldintensive" Betriber ugeet. Esou ass Lëtzebuerg 1 vun 11 (aus 35) Länner wou et keng Keessepflicht gëtt, 1 vun 9 wou eng Keess net zertifiéiert muss sinn an 1 vun 13 wou Keessentransaktiounen net digital signéiert musse sinn.

   Wéi schätzt de Finanzminister dës Erhiewung an? Gesäit den Här Finanzminister hei e Besoin ze agéieren?

4. Huet de Finanzministère Kenntnisser dovun, wéi héich de Volume un Transaktiounen ënner 50 EUR ass, déi en espèces respektiv elektronesch ofgewéckelt goufen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange